LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°1117 du 20 août 2024 de l'honorable Député Sven CLEMENT concernant « Travailleurs handicapés »**

**Fro N°1 : Am Interview seet de Minister, datt sech vill Leit d'lescht Joer um spezifeschen Jobday fir Persoune mat Handicap vun der ADEM gemellt haten. Wéi vill Persoune waren sech um Jobday Handicap vun der ADEM virstelle komm? Wéi vill Persoune konnten no dësem Jobday eng Aarbechtsplaz ufänken? Ass ee weideren Jobday an deem Sënn fir dës Leit geplangt?**

Insgesamt huet d'ADEM tëschent 800-900 Persounen um Jobday 'Handicap & Reclassement' aus dem Joër 2023 gezielt. D'Kandidaten waren op fräiwëlleger Basis sur place an haten den Statut vum Salarié handicapé oder/an vum Reclassement externe.

Wéivill Embauchen et genau opgrond vum deem Jobday goufen, ass net gewosst. Par contre hunn sech 2 vun 18 Employeure déi mat gemaach hunn. direkt bei der ADEM zeréck gemellt fir matzedeelen, dass si zwou Persounen an den Stage de professionnalisation geholl hunn an och duerno fest agestallt hunn.

Och wann déi genau Zuel vun den Embauchen opgrond vum Jobday 2023 net gewosst ass, esou ass gewosst, dass déi Rencontre tëschent den Employeuren an de Persounen mam Statut vum Salarié handicapé an/oder am Reclassement et den Employeuren erlaabt huet, sech en anert Bild vun Persounen mat enger Behënnerung ze maachen. Den Retour, deen d'ADEM vun den Employeure déi deen Dag sur place waren krut, war, dass den Dag hinnen gewisen huet, dass si hier fräi Aarbechtsposten an Prozesser nei iwwerdenken mussen an aneschters opdeelen fir an Zukunft esou och Persounen mat enger Behënnerung / am Reclassement kënnen anzestellen.

Den 8. Oktober 2024 gëtt en weideren JobDay fir Persounen mam Statut vum Salarié handicapé an/oder am Reclassement externe organiséiert.

**Fro N°2 : De Minister erkläert, datt säi Ministère mat der ADEM géif dru schaffen, fir de Wee op den éischten Aarbechtsmaart fir Leit mat engem Handicap ze vereinfachen. Wéi soll dës Vereinfachung konkret ausgesinn?**

Eng éischt administrativ Vereinfachung ass, dass eng Persoun mam Statut vum Salarié handicapé och um éischten Aarbechtsmaart kann schaffen (partiell oder ganz) och wann si ursprünglech eng Orientatioun fir den Atelier protégé vun der Commission d'orientation et de reclassement professionnel kritt huet.

Dësweideren gëtt d'Démarche, fir dass den Employeur bei der Embauche vun enger Persoun mam Statut vum Salarié handicapé eng Participation au salaire kritt, vereinfacht.

Duerch eng zweet Editioun vum JobDay ‘Handicap & Reclassement’ den 8. Oktober 2024, soll d’ Insertioun op den éischten Aarbechtsmarché weider vereinfacht ginn.

Doriwwer eraus ginn 2024 mat der Ënnerstëtzung vum Aarbechtsministère dräi nei Projete en place gesat:

- Zesummen mat den Associatiounen UFEP, IMS an der Ligue Luxembourgeoise d’Hygiène Mentale gëtt eng Formatioun fir d’Employeuren an hier Mataarbechter iwwert Thema Behënnerung op der Aarbechtsplaz ugebueden.
- Am Kader vun engem FSE-Projet, lancéieren d’ADEM zesummen mam House of Training an dem Institut national pour le développement durable et la RSE (INDR), de Projet ‘Fit4Inclusion’, wou et drëms geet fir Demandeurs d’emploi déi den Statut vum Salarié handicapé hunn oder/an am Reclassement sinn, en ganz gezielten Accompagnement unzebidden (coaching, formations, ateliers d’insertion, networking, etc.) fir Fouss um éischten Aarbechtsmarché ze faassen.
- An Zesummenaarbecht mat IMS, ginn Entreprisen gezielt beroden an begleet fir hier Strukturen an Prozesser vun Ufank un méi inklusiv an behënnertegerecht ze organiséieren.

**<u>Fro N°3 :</u> Den Aarbechtsminister schwätzt am Interview mat RTL dovun, dass d'Formatioune fir Leit mat Handicap missten ausgebaut ginn. Um Terrain héiert een, datt d'Formatiounen net de gréisste Problem wieren, mee den Aménagement vun den Aarbechtsplaze leider géif ville Leit Weeër verspären. Wat wëll de Minister hei maachen? Wëssend, datt d'Assistance à l'inclusion dans l'emploi kaum genotzt gëtt, wéi d'Äntwert op d'Fro 6181 gewisen hat. Gëtt et hei mëttlerweil méi Patronen a Mataarbechter, déi vun dëser Assistance profitéiert hunn?**

Esou wéi et am Gesetz vum 12. September 2003 virgesinn ass, kann d’Persoun déi den Statut vum Salarié handicapé huet, esou wéi och hiren Employeur, vun enger staatlecher Bäihëllef fir speziell Amenagementer vun der Aarbechtsplaz profitéieren. 2023 hunn 20 Employeure vun dëser Aide Gebrauch gemaach ; 2024 hunn bis haut 12 Employeure dës Bäihëllef ugefrot.

Wat d’Assistance à l’inclusion dans l’emploi betrëfft, huet d’Situatioun sech net geännert an d’ Mesure gouf net weider genotzt.

Den Aarbechtsminister ass sech den Limitten vum aktuellen System bewosst. Dofir soll d’Gesetz iwwert d’Assistance à l’inclusion dans l’emploi och reforméiert ginn. En interministériellen Groupe de travail ass zesummen gesat ginn, fir un dëser Reform ze schaffen.

Luxembourg, le 23 septembre 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**